LSAP

n° 3240

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2020

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

En Austausch mat Acteuren vum Terrain ass virun allem a Krisenzäiten a grad an der Educatioun e wichtegen Outil fir adaptéiert Léisungen ze fannen. Een Gremium wou quasi sämtlech Acteuren aus dem Educatiounsberäich vertruede sinn, ass den CSEN. Eng 36 Memberen, Vertrieder vun Elteren, Schüler, Studenten, dem Léierpersonal awer och aus villen aneren Domainer, sou zum Beispill aus dem soziale Beräich sinn hei vertrueden. Beschriwwe gëtt den CSEN als: "e Berodungsgremium, deen sech op Ufro vum Minister oder op eegen Initiativ zu alle Froen, déi mat dem nationale Bildungssystem ze dinn hunn, a virun allem zu de grousse Linne vum Bildungssystem äussert."

An deem Zesummenhang wollt ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Gouf den CSEN wärend der Corona-Kris consultéiert? A wéiwäit war dëse Gremium um Ausschaffe vu beispillsweis deene verschiddene Stufepläng bedeelegt?
- Wéi oft ass den CSEN déi lescht Joren iwwer zesummekomm?
- Wéi gesäit den Här Minister de Rôle vun dësem Gremium?
- A wéiwäit gouf den CSEN beim Ausschaffe vun de leschte Gesetzestexter mat agebonnen?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3240 vun der honorabeler Madame Deputéiert Francine Closener**

De Conseil Supérieur de l'Éducation nationale (CSEN) ass wärend der Kris net zesummekomm, mee déi verschidden Acteuren aus dem CSEN sinn an deene verschiddene Phase vun der Kris ëmmer nees eenzel consultéiert ginn, wat aus logisteschen an zäitleche Grënn méi un d'Situatioun an déi deelweis Urgence ugepasst war. An deem Sënn war de CSEN indirekt am Virfeld vun deene verschiddene sanitäre Mesuren agebonnen.

De CSEN ass an de leschte Joren a reegelméissegen Ofstänn beieneekomm. 2017 goufen et véier Reuniounen, 2018 waren et siwe Reuniounen an 2019 hat de CSEN véier Reunioune vu Januar bis Abrëll. Am Laf vum Joer sinn d'Mandater vun de Memberen ofgelaf an de 15. Oktober 2019 sinn déi nei Membere genannt ginn.

Den nei genannte Conseil war Uganks 2020 op eng Reunioun an den Educatiounsministère invitéiert ginn, fir de CSEN a senger neier Compositioun ze constituéieren. D'Membere vum CSEN waren deemools och invitéiert ginn, fir sech op där Reunioun iwwert d'Roll vun dësem Gremium an hiren zukünftege Fonctionnement Gedanken ze maachen. Wéinst der Kris huet des Reunioun awer leider missen ofgesot ginn a si konnt bis ewell nach net nogeholl ginn.

De CSEN soll awer zäitno an där enger oder anerer Form aberuff ginn, fir seng Aarbechten nees kënnen opzehuelen a senger Roll als berodende Gremium gerecht ze ginn. De Conseil Supérieur ass ee wichtegen Uspriechpartner fir den Educatiounsministère an dofir läit et mir um Häerz, dëse Gremium, zesumme mat de Memberen, beschtméiglech fir d'Zukunft opzestellen.

De Gros vun de rezente Gesetzprojeten hat direkt mat der Kris an de Mesurë fir d'Bekämpfung vum Virus ze dinn. Wéinst dem Zäitdrock konnt leider net esou breet consultéiert ginn, wéi datt soss de Fall ass.